N° 7604
Entrée le 15.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

Wéi een de 14ten Februar an engem Artikel op RTL liese konnt, gëtt elo den Drot bei der aler Bauschuttdeponie zu Helleng ewech geholl. Dëst nodeems vill Déieren, virun allem Réi sech am Drot verfaangen haten a gestuerwe sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Huet de Staat och Plazen, wou en Ursus-Drot opgeriicht huet, wou d'Réi an aner Déiere kéinten dran hänke bléiwen an sech verletzen oder souguer stierwen? Wa jo, wou ass iwwerall des Drot?

2. Wisou gouf ugefaangen dësen Drot ze benotzen, wann gewosst war, wat d'Konsequenze fir Déiere sinn?

3. Am Fall wou de Staat Ursus-Drot benotzt, ass geplangt dësen ze ersetzen?
    - Wa jo, bis wéini soll dësen iwwerall ersat sinn?
    - Wa nee, firwat net?

4. Wat géifen Alternativen aus Holz un zousätzleche Käschte bedeiten?

5. Ass am Moment geplangt den Ursus-Drot op neie Plazen anzesetzen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten